PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:21, 25/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°542 hat de Minister mir Informatiounen zu der Plattform SpamBee ginn. Op der Website si weder en Impressum, nach eng GDPR-Erklärung ze fannen, wuel wëssend, dass hei manifestement Benotzerdonnéeën gespäichert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren erkläre firwat keen Impressum a keng GDPR-Erklärung op der SpamBee-Website siichtbar ass?
2. Wéi oft ass de SpamBee Plug-in bis elo installéiert ginn?
3. Wéi vill aktiv Useren huet SpamBee bis ewell?
4. Wou ginn déi Benotzer-Donnéeën de Moment gespäichert?
5. Wéi vill huet d'Entwécklung vum SpamBee insgesamt kascht a wat sinn d'operativ Käschte pro Joer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre

Luxembourg, le 29 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 17:28, 29/06/2020

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

L-2450 LUXEMBOURG

Réf. : QP2260/SW-rg

Objet: **Question parlementaire N° 2260 du 25 mai 2020 de Monsieur le Député Sven Clement**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Le Ministre de l'Économie,

Franz Fayot

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 26 20 04 95
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.eco.public.lu

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°2260 du 25 mai 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la plateforme SpamBee

SPAM, Phishing a vill weider Zorte vu Cyberattacken notzen den E-Mail als Infektiounsmedium. Dëst gesäit een och an de rezente Statistike vum CIRCL (https://www.circl.lu/opendata/statistics/). Zanter 2018 ass Phishing ee vun den Haaptgrënn vun Incidenten an der IT-Sécherheet, dëst net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee och weltwäit. Wéinst dësem verbreete Phenomen goufen an de leschte Joren eng ganz Rei vun Outilen, Servicer an Aktiounen entwéckelt an ëmgesat[1].

Ganz am Ufank vum komplexen Zyklus deen eng Phishing-Attack ausmécht, steet den Internetbenotzer. Genau do setzt SPAMBEE un, fir et dem Benotzer mat e puer Klicken ze erméiglechen eng suspekt E-Mail ze mellen.

SPAMBEE ass a gemeinsame Projet vu BEE SECURE, der CNPD an dem C3 Cybersecurity Competence Center, fir dem User d'Notifikatioun vun net sollicitéiere Mailen ze vereinfachen, an zwar mat engem Plug-in-System. De Site www.spambee.lu ass eng "Landing Page", een Internetsite wou een déi verschidde Plug-ins fir déi verschidde Plattforme kann eroflueden. D'Kontaktdaten an d'Privacy Policy sinn op de respektiven Appstores an Delivery-Plattforme visibel, well déi Informatioune spezifesch zu de verschiddene Plattforme sinn. Fir et dem User méi einfach a verständlech ze maachen, gouf elo och en Impressum, eng "Legal Notice" an d'"Privacy Policy" vun de Plug-ins, um Site www.spambee.lu publizéiert.

Zanter Mëtt 2019 ass de Site www.spambee.lu online. Well den Dateschutz am Projet SPAMBEE eng absolut Prioritéit ass, ginn et keng detailléiert Statistiken, oder soss Donnéeën, iwwert d'Installatiounen oder d'Notzung vun de Plug-ins. Erofgeluede goufen déi verschidde Plug-ins ronn 200 mol. Op Basis dovunner kann een d'Zuel vu Benotzer op ongeféier 100 schätzen.

Nieft de Plug-ins, ginn och folgend Webmail-Plattformen ënnerstëtzt : Gmail, outlook.live.com an outlook.office.com esou wei Yahoo! Mail. Eng Diskussioun mat Lëtzebuerger Webmail-Provider ass amgaang. Wann dës bis ënnerstëtzt kenne ginn ass unzehuelen dass d'Benotzerzuele vu SPAMBEE staark klamme wäerten. D'Zuel vun Notifikatiounen déi SPAMBEE bis ewell krut läit bei 2.317. Dovu goufe ronn t'Hallschent als Phishing identifizéiert. (Stand: 12/06/2020)

SPAMBEE setzt en "Privacy by Design" Konzept ëm. D'Donnéeën vun de Benotzer ginn exklusiv lokal am Plug-in gespäichert. De Benotzer huet en Dashboard wou en gesäit wei eng Mailen en notifiéiert huet a wat de Feedback vu SPAMBEE ass. D'IT Infrastruktur vu SPAMBEE gëtt vum C3 Cybersecurity Competence Center geréiert, do ginn nëmmen Header-Informatiounen

[1] https://phishing-initiative.lu/ ; https://circl.lu/urlabuse/ ; https://circl.lu/pub/tr-07/ ; https://lookyloo.circl.lu/scrape

an URLen vun den notifiéierten E-Maile gespäichert, an zwar anonym, ouni Unhaltspunkt vu wéi engem Benotzer d'Informatioun kennt.

Déi 6 Plug-ins a 4 Webmail Interfacen, esou wei d'Käschte vun Design a Marketing, stellen en Investissement vu 25.000 EUR duer. Déi operativ Käschte gi geschat op 10.000 EUR.